N°90
Entrée le 08.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Vill Impfstoffer, déi am Kader vun der Covid-19-Pandemie akaf oder bestallt goufen, hunn um Enn missten zerstéiert ginn, well d'Demande net méi esou grouss war, wéi ufangs gefaart. Wéinst lafende Laangzäitkontrakter, déi ënnerschriwwe goufen, si méi Vaccinen hiergestallt a verkaf ginn, wéi néideg. Dat war weder nohalteg um Ressourcen- an Emmissiounsniveau, nach gutt fir d'Staatsfinanzen. Trotzdeem erwaarden d'Hiersteller, dass déi iwwerflësseg Vaccinen ofkaf ginn, och wann d'Wuer net méi gebraucht gëtt. Dat huet sech och rezent nach emol gewisen an der Geriichtsaffär tëscht Pfizer an Ungarn, wou Pfizer geklot hat, well Ungarn 2022 refuséiert hat, fir déi bestallten, mee net méi gebrauchte Vaccinen, ze bezuelen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Impfstoff-Dosen hu säit menger leschter Fro vum Oktober 2023 zousätzlech zu de scho bekannten Dose missten zerstéiert ginn?

   Wéi vill Vaccinen huet d'Regierung bis elo missten insgesamt zerstéieren? Kann d'Regierung opléschten ëm wéi vill Flaconen vu wéi engen Hiersteller et sech heibäi handelt?

   Wéi héich war de Käschtepunkt bis elo insgesamt vun deenen zerstéierte Flaconen (Präis fir d'Impfstoffer)?

   Wéi héich war de Käschtepunkt vun der Entsuergung vun deenen zerstéierte Flaconen insgesamt (Präis dir eng konform Entsuergung)?

2. Wéi vill Dose vu wéi engen Hiersteller muss Lëtzebuerg nach akafen, well nach eng kontraktuell Verflichtung dofir besteet?

3. Kann d'Ministesch eis d'Oflafdatumer grad ewéi déi verbleiwend Unzuel u Flaconen vun all deene verschiddenen Impfstoffer ginn, déi Lëtzebuerg am Moment op Stock huet?

4. Erwaart Lëtzebuerg nach Impfstoffliwwerungen?
   Falls jo: Ass geplangt vollstänneg fir dës Liwwerungen ze bezuelen, oder ginn et Pläng fir Renegociatiounen?

Wéi héich ass de Montant?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten